Mise en place d'installations photovoltaïques en copropriété sur les immeubles de la commune

Mir hunn elo just vill vum Klimawandel geschwat, an dass mir onbedengt an esou séier eréi méiglech weltweit den CO2- Ausstouss reduzéiere mussen. Mir hunn och am Abrël d'lescht Joer all gemeinsam d'Résolutioun géint Atomstrom enerschriwwen.

Esou sinn mir eis bewosst, dass mir emmer méi op erneierbar E setzen mussen. De Moment ginn weltweit schonns bal 20% vum Strom aus erneierbaren Energien gewonnen, Tendenz steigend, wat Hoffnung mecht.

Op verschiddenen Diecher vun eisen Gemengengebeier hunn mir schons Photovoltaïksanlage montéiert. Wat nei ass, ass, dass mir an Zukunft op de Wee vun gemeinschaftlechen Solarstromanlage wellen goen. D.h. , dass mir eise Bierger d'Méiglechkeet ginn, sech en Deel vun enger Solaranlag ze kafen, déi op engem Gemengendaach installéiert get. Esou kenen och Leit, déi doheem net déi Méiglechkeet hunn, Solarstrom ze produzéieren, sensibiliséiert ginn, sech akafen an esou Mattdeelhaber vun enger ziviler Gesellschaft ginn.

Mir sinn de Moment mam Energipark Réiden a Kontakt, dien sech em déi zesoen schlesselfäerdeg Installatioun wäert kemmeren , all d'Formalitéiten regelt an herno och d'Gerance géif iwwerhuelen . Alles wat d'Gemeng ze maachen huet, ass hinnen Diecher zur Verfügung ze stellen an eng Konventioun matt hinnen auszeschaffen, wéi d'Conditiounen vum Benotzen vun den Daachinfrastrukture sinn.

De Moment schwätze mir vun den Diecher vun der m.r . Cl an vum Kéinziger Gemengenatelier. Déi sollen gratis fir d'Installatioun vun Solarpannoen während 20 Joer zur Verfügung gestallt ginn, ouni dass irgendeen domadder aner Rechter op des Diecher hätt. Duerno fällt d'Anlag entweder an Gemengebesetz oder d'Gemengeverwaltung kann verlaangen, dass den Daach nees an seng ursprünglech Situatioun zereckversat get.

Et ass selbstverständlech, dass an den techneschen Lokalen vun de respektive Gebeier och déi néideg technesch Geräter mussen installéiert ginn, e Wiesselriichter fir den produzéirerte Gleichstrom an Wiesselstrom emzewandelen an e Compteur fir de Strom ofzeliesen, dien an d'Netz vun der Creos agespeist get. (15 Joer Aspeisgarantie)

Mir schwätzen hei vun 2 Anlage vun jeweils 30kW, wou d'Bierger sech mat 1-3kW akafe kennen. E Präiss pro kW wäert em déi 2600€ leien, an pro Joer em déi 300€ erabrengen, esou dass an 8-9Joer d'Anlag bezuelt wier. (4-5%rendement) (Kommissioun:19.9 ; öffentlech Präsentatioun : 11.Okt.12)

Des Offre riicht sech un all Portemonni, well et besteet och d'Méiglechkeet sech iwwert e Prêt anzekafen (Fortuna- encaisséieren déi ufangsbeneficer, bis de Prêt erembezuelt ass)

Wat de Schäfferot iech elo freet ass dat Règlement iwwert Benotzen vun Gemengendiecher vun der m.r an dem at. Comm.Cl. ze stemmen an hinnen den Optrag ze ginn, doropshinn eng Konventioun ze enerschreiwen.